N°6701
Entrée le 27.09.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 6701 vum honorabelen Deputéierte Fred Keup

Ad 1)

Am Kontext vun der Scolariséierung vun den ukrainesche Flüchtlingskanner goufen an den ëffentlechen internationale Schoulen 82 Leit als "Collaborateur externe" agestallt. Dës Leit ginn ausbezuelt op Basis vun Deklaratiounen, déi am Prinzip trimestriell, mee an dësem Fall esouguer all Mount konnten u mäi Ministère weidergeleet ginn. Aktuell ass keng Deklaratioun, déi eragereecht gouf, nach net ordonnancéiert. E Rappel un déi concernéiert Schoulen, dem kompetente Service vu mengem Ministère all d'Deklaratiounen zoukommen ze loossen, déi nach ausstinn, goung Enn August eraus. All weider Deklaratioun, déi mäi Ministère erakritt, gëtt direkt ordonnancéiert.

Ad 2)

Déi 35 Leit, vun deenen am Tagblatt-Artikel vum 19. August rieds war, goufen direkt nom Accord vum Dépassement budgétaire ausbezuelt a waren haaptsächelch am Beräich vun der Scolarisatioun vun ukrainesche Kanner aktiv.

Ad 3)

Beim Budgetsartikel mat der Nummer 11.1.12.000 handelt et sech ëm e Posten, dee geduecht ass, fir Indemnitéite fir Servicer vun Tiersen ze bezuelen "Indemnités pour services de tiers" an dëst an der Sektioun "Enseignement secondaire classique et Enseignement secondaire général".

Ad 4)

D'Indemnitéiten, déi fir dës Leit virgesi sinn, goufe vum Regierungsrot fixéiert an ënnerleien net der automatescher Indexéierung. Dëst ass och esou an de Leit hirem Kontrakt vermierkt.

Ad 5)

Bis d'parlamentaresch Rentrée hunn dës Leit net misse waarden. Den Depassement gouf den 23. August akkordéiert a sämtlech Deklaratiounen, déi du virlouchen, och kuerz duerno schonn ordonnancéiert. De Prinzip vum Collaborateur externe bitt sech och doduerch fir esou Krisesituatiounen un, datt et sech ëm eng Indemnitéit fir e Service handelt, deen am Prinzip just en Niewenakommmes duerstellt.

Lëtzebuerg, de 27. September 2022

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH